PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Zënter e puer Joren ass den Tram an der Stad elo schonns a Betrib a verbënnt mëttlerweil de Kierchbierg mat der Stater Gare. Den Impakt vum Tram sollt jo sinn, fir d'Verkéiersgeschéihen an der Stad ze berouegen, also d'Zuel vun den Autoen a Busser an der Stad ze reduzéieren. Dernieft gouf och de Busreseau (RGTR) komplett reorganiséiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi een Impakt hat d'Inbetriebnahm vum Tram bis haut op d'Verkeiersgeschéihen an der Stad an um Kierchbierg? Aneschters ausgedréckt: fueren haut manner Autoen a Linnebusser an d'Stad an um Kierchbierg ewéi virun der Inauguratioun vum Tram?

2. Wéi vill Linnebusser zirkuléieren aktuell am Duerchschnëtt nach um Kierchbierg, opgelëscht nom
   - Boulevard JF Kennedy?
   - Boulevard Konrad Adenauer?
   - Circuit de la Foire?

   Wéi vill Passagéier ginn op deenen eenzele Bus-Strecke pro Joer transportéiert?

3. D'Regierung hat 2021, entgéint vun deem, wat nach am Koalitiounsaccord ugekënnegt gouf, décidéiert, dass d'Luxexpo schlussendlech awer op hirem aktuelle Site wäert bestoe bleiwen. Ass virgesinn, dass um Site vun der Luxexpo méi Busparkplaze sollen entstoen, fir dass all d'Buslinnen, déi um Kierchbierg hiren Terminus hunn, och do kënne parken?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député